LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Luxembourg, le 20 NOV. 2017

Réf. : 820x782e5

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
20 NOV. 2017

Le Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement

Objet : Réponse de Monsieur le Ministre de la Culture à la question parlementaire no 3355 du 16 octobre 2017 de l'Honorable Député Fernand Kartheiser au sujet de la conservation, protection et mise en valeur du patrimoine bâti de Vianden

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse de Monsieur le Ministre de la Culture à la question parlementaire no 3355 du 16 octobre 2017 de l'Honorable Député Fernand Kartheiser au sujet de la construction, protection et mise en valeur du patrimoine bâti de Vianden, avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Pour le Ministre de la Culture

Guy Arendt
Secrétaire d'Etat

Annexe : réponse à la QP no 3355

19 000150 2009070 FR

Äntwert vum Här Kulturminister op d'parlamentaresch Ufro Nr. 3355 vum 16. Oktober 2017 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser, betreffend den Zoustand vu Gebailechkeeten zu Veianen, déi erhalenswäert sinn.

D'Gebai vum fréieren Trinitarierklouschter mam Kräizgang zu Veianen gehéiert dem Staat an d'Administration des Bâtiments publics (ABP) ass dofir zoustänneg. Vu datt dëse Komplex zënter enger Zäit eidel steet, gouf vun der ABP, zesumme mam Service des sites et monuments nationaux (SSMN), ee Projet entwéckelt, fir op där Plaz eng Jugendherberg ze installéieren an déi historesch Substanz ze restauréieren. D'Aarbechten un dësem Projet fänken 2018 un. De Kräizgang gëtt an de Projet mat abezunn. D'Trinitarierkierch ass als nationaalt Monument klasséiert an dat aalt Klouschter ass an der Prozedur, fir klasséiert ze ginn.

De Staat ass net dorunner interesséiert, zu Veianen Haiser opzekafen. Den SSMN huet an de leschte fënnef Joren 51 Restauratiounen zu Veianen mat Privatleit begleet, subventionéiert an ofgeschloss. Am Moment si ganzer 55 weider Dossieren op, dorënner e Pilotprojet op Nummer 94 op der Haaptstrooss: en Haus, dat d'Gemeng kaf huet an dat elo mat der Hëllef vum Staat restauréiert gëtt, fir datt do sozial Wunnengen entstinn.

Den Dossier, deen d'Associatioun „Les Amis du Château de Vianden a.s.b.l." zesumme mam Kulturministère un d'Unesco geschéckt hat, fir d'Veianer Schlass als Weltkulturierwe klasséieren ze loossen, ass viru Joren op e Refus gestouss. Leider ass et net méiglech, en neien Dossier bei der UNESCO eranzereechen, well e Refus definitiv ass.

Den SSMN ass am Gaang, d'Gemeng ze beroden, fir e ganz effiziente kommunale Schutz fir den historesche Kär am neie PAG ze verankeren. Zesumme mat enger Rei nationaler Protektiounen ass dat den effizientste Wee, fir dat gebauten Ierwen zu Veianen ze erhalen a weider Restauratiounen ze encouragéieren, déi vum Staat kënnen ënnerstëtzt ginn.